Wéi kanns du eis kontaktéieren?

Tu as des questions sur le vivre-ensemble? Tu es  
nouveau dans la commune et tu veux avoir des  
informations ou nous partager tes idées? Nous  
sommes là pour t'écouter, t'aider et répondre à tes  
interrogations.  
Comment nous contacter?



integration@preizerdaul.lu

Do you have any questions about community  
integration? Are you new to the town and  
seeking for information or looking to share your  
ideas with us? We are here to listen, assist, and  
adress your inquiries.  
How can you reach us?

Você tem alguma pergunta sobre  
convivência comunitária? É novo na cidade e  
procura informações ou quer compartilhar  
suas ideias conosco? Estamos aqui para  
ouvir, ajudar e responder às suas perguntas.  
Como você pode nos contatar?



zesummeliewen\_preizerdaul



Commission du vivre-ensemble Préizerdaul



621 834 480

## Kommissioun vun Zesummeliewen Missiounen

- Interkulturell Prioritéiten an Defien  
identifizéieren.
- Mesuren opstelle vir ee bessert  
Zesummeliewen
- Sech vir Biergerparticipatioun asetzen an  
Informatiounen verbreden
- Den interkulturellen Dialog  
encouragéieren an sech géint all Form vun  
Diskriminatioun staark maachen.

## Commission du vivre-ensemble Missions

- Identifier les priorités et obstacles  
interculturels.
- Développer des mesures pour favoriser le  
vivre-ensemble.
- Promouvoir l'information et la  
participation citoyenne.
- Encourager le dialogue interculturel et  
lutter contre la discrimination.

## Memberen:



Mareike  
Boenigk



Lena  
Hatto



Diane  
Neises



Aline  
Leonardi



Laura  
Weis



Marc  
Rehlinger



Sven  
Fischer

# Retour zum Adventskalenner

Op Opruff vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen huet sech am Mount Dezember eng häerzlech Chrestdagsambiance am Duerf breet gemaach. Vum 1ten bis den 22ten Dezember, konnten sech d'Awunner aus dem Duerf all Owend bei enger anerer dekorierter Fënster zesammen fannen. Des beléiften Traditioun, déi eist Duerf an Freed a Solidaritéit vereent, hat och dëst Joer ee groussen Succès.

Dësen Adventskalenner ass awer net nëmmen eng Zäit vum Zesummekommen, mee och vun Solidaritéit an sozialem Engagement. Sou konnten d'Partizipanten bei all Fënster een Don man an den Erléiss ass um Enn un den OSCARE, den Office social vum Reidener Kanton gang.

Den OSCARE ass eng öffentlech Institutioun déi sech un Persounen a Familien an Nout riicht an déi am Réidener Kanton liewen. Den Office social begleet déi Leit je no Situatioun kuerz-, mëttel- oder laangfristeg. Mat dem Don vun der Adventskalenneraktioun kennen z.B. absolut noutwendeg Haushaltsapparater, Miwwelen, Matratzen, Bettgezei, etc. Finanziert ginn. Een aanere Projet deen den OSCARE an noer Zukunft ustrieft besteet doranner Kanner an Erwuessener aus sozial schwachen Familljen ze erméiglechen un diversen Fräizeitaktivitéiten deelzehuelen.

am Kader vun enger Biergerversammlung Den 30ten Januar hat d'Kommissioun, d'Eier e Chèque an der héicht vun 2218,11 Euro de Verrieder vum OSCARE z'iwwerrechen. Dese Gest symboliséiert den Zesammenhalt vun eiser Gemeinschaft an erméiglecht et do Ennerstetzung ze leeschten wou se noutwendeg ass.

D'Kommissioun dreckt all Partizipant, all Donateur an all Persoun déi zum Succès vun dëser Aktioun beigedroen huet op dësem Wee een häerzlechen Merci aus. Och wann mir lo des festlech Zäit hannert eis loossen, stinn mir och de Rescht vum Joer vir ee gutt a solidarescht Zesammen a Mateneenliewen.



La magie de Noël s'est répandue dans notre village pendant le mois de décembre suite à un appel de la Commission du vivre-ensemble interculturel (anciennement la Commission de l'intégration).

Du 1er au 22 décembre, nos rues étaient animées d'une lueur chaleureuse alors que les habitants se rassemblaient devant une nouvelle fenêtre chaque soir. Cette tradition bien-aimée, qui a réuni la communauté dans un esprit de joie et de solidarité, a une fois de plus illuminé nos cœurs.

Au-delà de l'esprit festif, cette initiative a également eu un impact sur le soutien apporté à l'OSCARE, l'office social du canton de Redange. Chaque soir, les participants pouvaient faire un petit don, démontrant ainsi leur générosité et leur solidarité.

L'OSCARE est un établissement public qui s'adresse à toutes les personnes et familles dans le besoin qui ont leur domicile sur le territoire du canton de Redange. L'office social assure un travail d'accompagnement et d'encadrement à court, moyen et long terme. Le don issu du calendrier de l'avent communautaire permettra par exemple de financer des appareils électroménager de première nécessité, des matelas, des meubles, etc. L'office social a aussi pour but de réaliser, dans un futur proche, un projet permettant aux enfants et adultes de pouvoir participer à diverses activités culturelles.

Le 30 janvier, lors d'une réunion citoyenne, la Commission du vivre-ensemble interculturel a eu le privilège de remettre un chèque d'une valeur de 2218,11 Euros aux représentants de l'OSCARE. Ce geste symbolise la force de notre communauté et sa capacité à apporter un soutien concret là où il est le plus nécessaire.

La Commission tient à exprimer sa profonde gratitude envers chaque participant, chaque donateur et chaque personne ayant contribué au succès de cet événement. Alors que nous tournons la page sur cette période festive, continuons à promouvoir la solidarité et le vivre-ensemble.

# Weltwassertag im Tal der Attert

**Anlässlich des diesjährigen Weltwassertages (22. März) organisiert die Flusspartnerschaft Attert eine Wanderung durch das wasserreiche Tal des Wasserbachs sowie eine Konferenz, das die Auswirkungen des Winterstreuendienstes auf die Gewässer beleuchtet.**



## **30. März Wanderung durch das Wasserbachtal**

Das idyllische Wasserbachtal zwischen Kraizerbuch und Ehner beherbergt neben viel unberührter Natur auch ein Trinkwasserschutzgebiet, das 2/3 der Quellen des Trinkwassersyndikats es DEA beherbergt und weite Teile des Landes versorgt.

Gehen Sie mit uns auf Erkundungsreise und werfen Sie einen Blick ins Innere der Quellfassungen.

Unterwegs erhalten Sie Informationen zum Schutzgebiet und der damit zusammenhängenden Trinkwasserversorgung.

Dauer: 13:30–17:30  
Anmeldung bis zum 28. März unter:  
[maison.eau@attert.com](mailto:maison.eau@attert.com)

Maximale Teilnehmerzahl: 25

Mitteilung des Startpunktes nach  
Anmeldung





# Nature for People

## Bestimmungskurs für Pflanzen

Lernen Sie die Grundlagen der Pflanzenbestimmung kennen! Schwerpunkt ist die Bestimmung von Blütenpflanzen unter wissenschaftlicher Anleitung mit Hilfe von Florenwerken. Dabei werden die Merkmale der wichtigsten Pflanzenfamilien vorgestellt und Anleitungen zum botanischen Sammeln sowie zur Anlage eines Herbars gegeben. Dann geht es ins Gelände, um das Erlernte vor Ort anzuwenden. Der Kurs richtet sich in erster Linie an Naturinteressierte, die bereit sind, sich mit kleinteiliger Bestimmungsarbeit zu beschäftigen.

### Wann & wo?

Der Kurs findet an sechs Nachmittagen jeweils mittwochs von 14 bis 16 Uhr im Festsaal in Olm, 10, rue de Capellen, statt. Die sechs Kurstermine bauen inhaltlich aufeinander auf. Der Kurs findet in luxemburgischer Sprache statt.

Termine:	17.04.2024	24.04.2024	15.05.2024
	29.05.2024	12.06.2024	26.06.2024

### Anmeldung & Kosten

Die Teilnahme am Kurs ist kostenpflichtig. Die Teilnahmegebühr beträgt 40 €; für Studenten gilt ein reduzierter Preis von 20 €. Eine Rückerstattung bei Nichtteilnahme ist nicht möglich. Bestimmungsbücher und Material werden zur Verfügung gestellt. Die Teilnehmerzahl ist auf 25 Personen begrenzt.

**Eine verbindliche Anmeldung ist bis zum 29.03.2024 erforderlich.**

Zur Anmeldung erkundigen Sie sich bitte zunächst bei SICONA nach freien Plätzen.

Naturschutzsyndikat SICONA  
administration@sicona.lu  
12, rue de Capellen L-8393 Olm  
Tel. 26 30 36 27

Der Bestimmungskurs wird vom Naturschutzsyndikat SICONA und dem Nationalmuseum für Naturgeschichte durchgeführt, in Kooperation mit der *Groupe de recherche botanique de la Société des naturalistes luxembourgeois* sowie der *Association des biologistes luxembourgeois*. Der Kurs wird vom Ministerium für Umwelt, Klima und Biodiversität unterstützt. Kurs-Leitung: Dr. Simone Schneider & Thomas Frankenberg (Naturschutzsyndikat SICONA), Jean-Paul Wolff sowie Thierry Helmingier (Nationalmuseum für Naturgeschichte).

**Eine Anerkennung durch INAP ist möglich!**



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et de la Biodiversité

# People for Nature



# OUSCHTERQUIZ 2024

FIR KANNER MAT HIRER FAMILL VUM TOURISTINFO WËLLE WESTEN

Och dëst Joer ass den Ouschterhues nees am Wëlle Westen ënnerwee!

Maacht mat bei eisem flotte Quiz a gewannt regional Präisser fir déi ganz Famill bei enger Entdeckungstour vun de Buergen a Schlässer vum Wëlle Westen.



WÉINI? AN DER OUSCHTERVAKANZ  
VUM 30.03 BIS DE 14.04.2024

Dëst Joer dréint sech bei eisem Ouschterquiz alles ëm Buergen a Schlässer aus eiser Regioun.

Op dëse kënnen d'Kanner de Spuere vum Ouschterhues nogoen a Froe beäntwerten oder kleng flott Aufgabe maachen. D'Kanner an hier Famill, déi de Quiz léise kënnen, hunn d'Chance op de Gewënn vun 2 Entréeë vun 2,5h fir d'Réidener Schwämm an engem Iwwerraschungspak vun eisen touristesche Partner. Dëse Gewënn gëtt un 3 Kanner / Familljen ausgeloust.

Umeldung noutwendeg. D'Participante kréien de Quiz bei der Umeldung per E-Mail zougeschéckt.

Gewannt 2 Entréeë fir  
d'Réidener Schwämm  
+  
Iwwerraschungspak  
vun eisen touristesche  
Partner

Fir méi Informatiounen  
zu eisem Ouschterquiz an  
Umeldung:

[info@visitwellewesten.lu](mailto:info@visitwellewesten.lu)  
T +352 28 33 45



TOURISTINFO WËLLE WESTEN  
1, am Millenhaff  
L-8706 Useldange  
T +352 28 33 45  
[info@visitwellewesten.lu](mailto:info@visitwellewesten.lu)  
[www.visitwellewesten.lu](http://www.visitwellewesten.lu)

@visitwellewesten

# NATIONAL MEESCHTERSCHAFT 2024

# WETT RUTSCHEN

MAACH MAT!  
START 03.02  
3 Kategorien

**7-12 Joer**

Ze gewannen:  
Nintendo Switch  
+ Mario Bros Wonder

**13-18 Joer**

Ze gewannen:  
iPad Apple 2022

**18+ Joer**

Ze gewannen:  
Samsung Galaxy S23 Ultra

Info &  
Konditiounen



**Start**

**03.02**

Les thermes  
Stroossen

[www.lesthermes.net](http://www.lesthermes.net)

**30.03**

AquaNat'Our  
Parc Housen

[www.aquanatour.lu](http://www.aquanatour.lu)

**20.04**

Nordpool  
Colmer-Bierg

[www.nordpool.lu](http://www.nordpool.lu)

**04.05**

Krounebiérg  
Miersch

[www.krounebiérg.lu](http://www.krounebiérg.lu)

**08.06**

Syrdall Schwemm  
Niederanven

[www.syrdall-schwemm.lu](http://www.syrdall-schwemm.lu)


**Final**

**13.07**

Réidener  
Schwämm

[www.reidener-schwemm.lu](http://www.reidener-schwemm.lu)





# All together!

Die Freude am Singen teilen.



Fondation EME feiert ihr 15-jähriges Jubiläum: Machen Sie mit bei unserem großen **inklusiven Chorprojekt**. Seien Sie dabei und singen Sie mit uns!

Alle sind herzlich willkommen!

## Mehr Informationen zum Projekt

[contact@fondation-eme.lu](mailto:contact@fondation-eme.lu)

[www.alltogether.lu](http://www.alltogether.lu)

T. 26 02 27 430

## Proben in Redingen/Atttert

### Proben

Dienstags 16h30-18h00 Uhr an folgenden Terminen:

20.02., 05.03, 19.03, 26.03, 09.04, 23.04, 07.05, 21.05, 04.06

Adresse: Op der Schock, 34 A rue de Reichlange, 8508 Redange

### Abschlusskonzert

6.07.2024 um 11.30 Uhr auf der Kinnekswiss

Generalprobe: 02.07 - 17h im Tramschapp in Luxemburg-Stadt

Weitere Informationen zu Chorproben an anderen Orten finden sie auf [alltogether.lu](http://alltogether.lu)

Anmeldung per Email oder Telefon: [contact@fondation-eme.lu](mailto:contact@fondation-eme.lu) T. 26 02 27 430



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture,  
de l'Alimentation et de la Viticulture

# La Maison Michel Lucius

**Wusst Dir schon, dat 1876 an dem klenge Rëmmerech é Jong op d'Welt koum, dé spéider vill an der Welt rondrëm komm ass a grouss Verdingschter fir eist Land huet?**



## Découvrons LA GÉOLOGIE avec le Musée MICHEL LUCIUS



### ADRESSE:

Musée Michel Lucius  
9, rue Dr. Lucius  
L- 8614 Reimberg

### LA MAISON MICHEL LUCIUS

Le musée est localisé dans la maison natale du géologue Michel Lucius (1876 - 1961 †), construite en 1780 et transformé vers la moitié du XIX<sup>e</sup> siècle. Ce bâtiment constitue un exemple-type de l'architecture rurale des XIX<sup>e</sup> et XX<sup>e</sup> siècles.


Il a été converti en musée entre 2004 & 2006 par le Service des Sites & Monuments, sous l'impulsion de l'Institut Géologique Michel Lucius Asbl. Lors de la rénovation, l'emploi de matériaux provenant de la région (ardoise, calcaire, grès rouge, ..) a été privilégié.

### VISITES DU MUSÉE

Chaque 1<sup>er</sup> dimanche du mois  
sans rdv: de 10h30 à 11h30

Rdv sur demande pour groupes ou autres jours possible.

Guide: **M. Jos Bormann**



Commune Préizerdaul  
Tél. 266 299-140  
secretariat@museemichellucius.lu  
www.museemichellucius.lu



Haut ass a sengem Heemechts-  
haus é klengen a feinen Musée.  
Kommt bis lanscht, fir eppes  
iwert dem Michel Lucius séi  
Llewen a Schaffen gewuer ze  
gin an d'Gestengs an eisem  
Land kennen ze léiren.

Et ass all éischte Sonndeg am  
Mount vun 10h30 bis 11h30 op.  
Fir Gruppen kënnen op Ufro  
och zu aneren Deeg Féierungen  
organiséiert ginn.

Jos Bormann, Guide

# Déi Präizerdauler Kanner gi liichten 02.02.2024



Déi Kleng aus dem Cycle 1 waren och bei eis op d'Gemeng laanscht komm mat hieer selwergebastelten Liichtercher



**Baby Hotline**  
**TEL.: 36 05 98**

Mo.-Fr. / Lu.-Ve.: 09:00-11:30  
berodung@liewensufank.lu  
www.liewensufank.lu

Seit über 30 Jahren für Sie da.  
Depuis plus de 30 ans à votre service.

# IMRFT Inter Maison Relais Fussball Tournoi 2024



Natierlich gouf och e bësse geraibert mee gréisstendeels ass et bei dësem Tournoi ganz fair a ganz lëschting erafgaangen.

D'SpillerInnen konnten sech och iwwert de Support vu villen Zuschauer freeën déi kräftig matgejaut hunn. E Grupp vun Kanner aus dem Préizerdaul haate souguer en Danz ageübt fir den Tournoi ze starten.

Am Endeffekt konnt sech d'Ekipp vun der Maison Relais Kietscht duerchsetzen an huet Coupe fir déi éischte Plaz mat op Rammerich geholl.

An enger Versammlung tëschent de Chargéë vun de verschidene Maison Relais'en aus dem Kanton ass festgehale ginn dass een an Zukunft probéiert weider sou Aktivitéiten Inter-Maison-Relais unzebidden, firwat nitt och mol emol e Schach-Nomëttig.

Och dëst Joer an dat den 22 Februar 2024 hunn sech 8 Ekippen vu Meedercher a Jonge vum Cycle 3.2 bis 4.2 an der Sportshal op der Fabrik getraff fir sech am Haalefussball ze moossen.

Zil vun dëser Aktivitéit ass et fir déi Jonk aus de Maison Relais'en aus dem Kanton beieneen ze kréien, mol emol aner Kanner ze begéinen wéi déi aus der eegener Schoul an e flotten Nomëttig ze verbréngen.

Affaire à suivre



# Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

## FAASCHTENZÄIT

### All Samschdeg

Beichtgeleeënheet

🕒 vun 17.00 - 18.00 Auer

📍 zu Réiden

## KARWOCH & OUSCHTERZÄIT

### Mëttwoch 27.03.2024

Chrisamsmass virbereed  
vum Dekanat „Zentrum“

🕒 18.30 Auer

📍 Kathedral

### Gréngen Donneschdeg 28.03.2024

Abendmahlfeier

🕒 17.00 Auer

📍 Préizerdaul

Abendmahlfeier

🕒 19.30 Auer

📍 Biekerich

### Karfreideg 29.03.2024

Karfreidegliturgie

🕒 19.30 Auer

📍 Viichten

### Karsamschdeg 30.03.2024

Laudes

🕒 08.00 Auer

📍 Réiden

Beichtgeleeënheet

🕒 09.00 Auer/17.00 Auer

📍 Réiden

Ouschterfeier

🕒 19.30 Auer

📍 Réiden



Ouschtermass

🕒 10.30 Auer

📍 Préizerdaul

Ouschtermass

🕒 10.30 Auer

📍 Wahl

### Ouschterméindeg 01.04.2024

Houmass

🕒 10.30 Auer

📍 Groussbus

## FEIEREN vun der 1. hl KOMMIOUN

### Sonndig, 07.04.2024

📍 Useldeng

### Sonndig, 14.04.2024

📍 Groussbus

### Sonndig, 28.04.2024

📍 Biekerich

D'Houmass ass jeweils um 10.30 Auer



### Mëttwoch 27.03.2024

Kaffiskränzchen fir déi eeler Leit

🕒 15.00 Auer

📍 an der Aula zu Réiden

Org.: Kranken- & Altenpastoral  
& ACFL- Fraen a Mammen aus der Par  
Wann Dir e Chauffeur braucht,  
rufft w.e.gl. un Tel: 23 62 07 20/  
621 618 855



Oktav zur Tréischterin am Leed vum  
20.4. bis 5. Mee 2024 ënner dem  
Motto: „fir ze dëngen!“ Mk 10,45

D'Pilgermass fir d'Paren Rammerich  
Saint-Valentin & Atertdall Sainte-Claire  
gëtt den 1. Mee um 18.00 Auer an der  
Kathedral gefeiert.

D'Par organiséiert e Pilgerbus.  
Informatiounen gin am Parbréif  
publizéiert.

## D'Pastoralteam luedlech an mat der Pargemeinschaft ze feieren. Häerzlech wëllkomm!

All weider Informatiounen an eisem Parbréif an um Internet: <https://cathol.lu/atertdall>



### Centre paroissial :

40, grand'rue  
L- 8510 Redange-Attert

Site: [cathol.lu/atertdall](https://cathol.lu/atertdall)

### Équipe pastorale :

Père Jean-Jacques Flammang  
SCJ, curé-doyen  
Tél. : 661 746 852  
[jjf@scj.lu](mailto:jjf@scj.lu)

Père Mathieu Janssen M.O.,  
Curé  
Père Vincent Billot & père  
Jacques Bagnoud, subsidiaires

Joke de Kroon,  
coopératrice pastorale  
Tél. : 691 497 273  
[j.dekroon@cathol.lu](mailto:j.dekroon@cathol.lu)

### Secrétariat & commande messes :

Michèle Asseray, secrétaire  
Tél. : 23 62 10 53  
[atertdall@cathol.lu](mailto:atertdall@cathol.lu)

### Kranken- & Altenpastoral :

Tél. : 23 62 07 20 | 621 618  
855 Marie Claire Rasqué

### Nout-Telefon

Begriefnispastoral |  
Équipe de funérailles -  
urgences :

Tél. : 621 686 102





INITIATIV LIEWENSUFANK  
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

## UNSER AKTUELLES ANGEBOT IN GROSBOWS

[WWW.LIEWENSUFANK.LU](http://WWW.LIEWENSUFANK.LU)



### PIKLER® SPIELRAUM

Für Babys von 3-24 Monaten in Begleitung ihrer (Groß-)Eltern

**In unseren liebevoll vorbereiteten Räumlichkeiten können die Kleinen ihre Umgebung in ihrem eigenen Tempo erkunden, begleitet von unserer Pikler® Pädagogin.**

(Groß-)Eltern dürfen währenddessen eine eher passive, jedoch achtsame Haltung einnehmen. Durch die aufmerksame Beobachtung können sie erleben, wie ihr Kind seine Welt durch Spielen und Interaktion mit anderen Kindern eigenständig entdeckt. Mit ihrer ungeteilten Aufmerksamkeit, bieten sie dabei die Sicherheit, die es braucht, um neue Dinge zu erforschen.

# KOLL

AN AKTIOUN

18+19 MAI '24

LE FESTIVAL POUR TOUTE LA FAMILLE

**CONCERTS SUR DIFFÉRENTES SCÈNES**

**ATELIERS & SPECTACLES DE RUES POUR TOUS LES ÂGES**

**OFFRE CULINAIRE RÉGIONALE ET BIOLOGIQUE**

**MARCHÉ DE CRÉATEURS & EXPOSITION D'ART**

**ENTRÉE GRATUITE JUSQU'À 15 ANS INCLUS**

PLUS D'INFORMATIONS  
& TICKETS:



[www.kollanaktioun.org](http://www.kollanaktioun.org)

MUSÉE DE L'ARDOISE,  
HAUT-MARTELANGE



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Énergie, du Climat  
et de l'Environnement



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation, de la Jeunesse  
et de la Recherche

Direction générale du tourisme



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Économie, du Commerce  
et de la Consommation



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Culture

# GROUSS KLEEDERSAMMLUNG

*RAMASSAGE DE VIEUX VÊTEMENTS*

All Zort vu Gezei + Schung  
*Textiles de tous genres + chaussures*

---

**E FREIDIG, 3. MAI 2024**

***LE VENDREDI, 3 MAI 2024***

---

Brengt Äer Tuten op de Parking vun der Gemeng bis 14.00 Auer.  
*Veillez apporter les sacs au parking de la mairie avant 14h00.*



## FOTOEN AUS DER GEMENG

---



- 1 Francine Reiser
- 2 John Krause
- 3 Gilles Zigrand
- 4-6 Paul Ambrosius



An dëser Rubrik fann dir Fotoen déi eis Dauler Bierger erageschéckt hunn. De Schäfferot seet jidderengem Merci dee sech un dëser Aktioun bedeeligt. Dir kënnst eis och weider hin gäre Fotoen iwwer email op [jruppert@preizerdaul.lu](mailto:jruppert@preizerdaul.lu) schécken.

Der Frühling kündigt sich an und anbei für Sie einige Vorschläge zum Mitmachen.  
*Le printemps s'annonce et si après quelques propositions pour vous.*



### **ZEICHNEN ODER PASTEL / DESSINER ou PASTEL**

Sie wollten schon immer mal versuchen zu zeichnen?  
 Jeder ist willkommen - Anfänger sowie Fortgeschrittene.  
 In jedem steckt die Fähigkeit sich bildlich zu verwirklichen.

**Bitte Ihre Zeichen- und/oder Pastellutensilien mitbringen.**

*Vous avez toujours voulu essayer de dessiner ? Tout le monde est le bienvenu - débutants ainsi qu' avancés. Chacun a la capacité de se réaliser en images.*

***Veillez apporter vos propres ustensiles de dessin et /ou pastel***

**Jeden Dienstag / tous les mardis**  
**ausser in den Schulferien / sauf pendant les vacances scolaires**  
**Wann / quand:** 9.00 - 11.00  
**Wo / où:** Maison Worré - Redange/Attert (11, Grand-Rue)

### **FRÉIJOERSPATT MAM CLUB ATERTDALL**

Wir laden Sie herzlich zur alljährlichen Feier des Club Atertdall ein. Jedes Jahr lädt eine unserer Partnergemeinden ein und stiftet Ehrenwein und Schnittchen. Natürlich werden wir die Gelegenheit nutzen und Ihnen einige Werke aus dem gemeinsamen Schaffen des Club Atertdall zeigen.

*Nous avons le plaisir de vous inviter à la fête annuelle du Club Atertdall. Chaque année, une de nos communes partenaires invite et offre un vin d'honneur et des canapés. Nous profiterons bien sûr de l'occasion pour vous montrer quelques œuvres de la création commune du Club Atertdall.*

**Freitag, den 19.04**

**Wann / quand:** 19.00 - 21.00

**Wo / où:** Centre Culturel „op der Fabrik“ / Platen (3, Al Strooss)

**Einschreibungen bis 08. April!  
Inscriptions jusqu'au 08 avril!**



### **MINITRIP RHEINLAND-PFALZ / RHENANIE - PALATINAT**

**Bad Homburg, Steinfurther Rosenfest und Mainz  
Bad Homburg, Rosenfest à Steinfurth et Mayence**

**Samstag/ samedi , 20.07**

Geführte Besichtigung der Altstadt Bad Homburgs und des Landgrafenschlosses /  
*visite guidée de Bad Homburg et du Château du Landgrave.*

**Sonntag/ dimanche , 21.07**

Tagesausflug Steinfurther Rosenfest. /  
*Journée d'excursion au Rosenfest à Steinfurth.*

**Montag/ lundi , 22.07**

Geführter Rundgang durch Mainz, beginnend mit dem Chagall-Fenster. /  
*Visite guidée de Mayence commençant avec l'oeuvre d'art: la fenêtre de Chagall.*

*Toutes les visites guidées se font en langue allemande.*

**20.07 - 22.07**

**Einschreibungen bis 20 März!  
Inscriptions jusqu'au 20 mars!**

# Fues-Jux Tournoi vum Dauler Fiederball



D'Echoen konnten net besser sinn, déi déi Responsabel vum Dauler Fiederball während an nom Event den Samschden 03. Februar 2024 an der Plietener Sportshal kritt hunn, sief et vun de Matspiller wéi och vun de Leit an der gutt besichter Buvette. Et war dat emol erëm een erfrëschend Sport- a Fräizäitfest, dat souwuel de soziale Volet wéi och de sportlechen op effikass Aart a Weis mateneen verbonnen huet. Sou muncher een huet déi Deeg duerno ee kräftege Muskelkueder missten auskuréieren, an och bis dohin verbuerge Muskelen entdeckt.

Matgespillt hunn souwuel Veräiner aus dem kulturelle Secteur an dem sportlechen, wéi och Verrieder vum Gemengerot, vun der Amicale vun de Pompjeeën, der Maison Relais..., all Alter tëschent 18 an 70 war vertrueden. Net ze klappen war eisen Dauler Fiederball Duo Mandy Boes a Lena Bidoli, déi keen eenzege Match hu missten ofginn. Bleift nach ze soen datt mir mat dësem Event eng al Traditioun erëm opgegraff hunn, déi et fir d'Lescht viru laanger Zäit emol ginn ass, mam Zil fir déi eenzel Veräiner bei engem flotten Event ze mëschen.

Ee ganz décke Merci un déi ganz Équipe déi bei der Organisatioun, der Caisse, dem Catering an dem Encadrement eng kräfteg Hand mat ugepak hunn. Och een décke Merci un de Charel Reiser fir d'Fotoen, der Gemeng fir d'Hal, eise

Sponsoren a speziell un all déi Clibb déi entweder mat enger Équipe ugetruede sinn oder vun uewenop sech déi Saach emol bei engem Patt ugekuckt hunn. Villäicht kann een dat nächste Joer op nach eng méi grouss Diversifikatioun setzen, an eppes steet scho fest, de Wonsch fir dësen Event nach eemol ze widderhuelen, dann awer als „super mêlée“, wou all Spiller all Match souwuel aner Géigner wéi och een anere Partner(in) zougeloust kritt.. Bei 48 Spiller oder Spillerinnen mussen mer awer bremsen, d'Hal léisst net méi zou.

Fir weider Informatiounen iwwert eise Club ze kréien, kuckt emol op [www.daulerfb.com](http://www.daulerfb.com)

Fir d'Fotoen vum Tournoi ze kucken, surft mol laanscht bei: <https://www.rtl.lu/fotoen/38953.html>

Theo Ney, President Dauler Fiederball asbl



Samschden 24. Februar 2024

## Platen, Sportshal, Fréijoerstournoi Dauler Fiederball asbl



Team Aris



Team Helperknapp



Team Préizerdaul



Team Rosport



Team Walferdange

Normalerweis fänkt d'Fréijoer meteorologesch zwar eréischt den 20. März un, mee traditioneller Weis nenne mer eisen Event Fréijoerstournoi. Dat ass bedingt duerch deen déck gefüllte Kalenner vun eiser Sportshal, wéi och vun deene villen Eventer uechter d'Land, wou et ëm Badminton geet.

Egal wéi ass et déi 21. Kéier datt dësen Tournoi am Daul stattfënnt, dat zanter 2003 an mat Zwangspaus am Corona-Joer 2021. Moies konnt eis Jugend sech an der Einzeldisziplin beweisen, an erausfannen wien dëst Joer d'Nues sollt vir hunn. Gewonnen huet den Cédric Viana, mir gratuléieren.

An der Mëttesstonn gouf et déi gewinnt excellent Spaghettien vum Romain an Simone, fir duerno bei der Kategorie Erwuesener sou richteg lass ze leeën.

Gewonnen Gëigner sinn Aris a Rousport, zanter kuerzem och Walfer an Helperknapp, an keen huet deem aneren eppes geschenkt, et waren richteg spannend Matcher ze gesinn.

Gewonn huet Aris (Amir a Bernard), 2. Plaz fir de Préizerdaul (Felix an Noémie) an déi 3. Podiumsplatz war fir Rosport (Joel a Marvin). De Champes war gesponsert vu Pallcenter, een décke Merci duerfir un d'Madame Wickler.

Ech wollt nach profitéieren fir alt elo schonns deen nächsten Tournoi unzekënnegen, dat ass den 29.Juni 2024 am Nomëtteg ab 13:30, do spille mer eis zweet « super mêlée ». Haalt lech roueg deen Dag fräi a kommt gären bei eis kucken, Action ass do virprogramméiert.

Theo Ney, Président Dauler Fiederball asbl



# Bonnievale Projects ONG 1/2024



Wéi an de Präizerdauler NORIICHTEN 4/2023 beschriwwen ass Bonnievale eng ländlech Kommunitéit a Südafrika, 180 km ewech vu Kapstad. D'Populatioun schafft gréisstendeels als saisonal Aarbechter op den Uebst-Farmen. Et féiert derzou datt de Slum „Boekenhoutskloof“, fréier „Plakkerskamp“, ëmmer méi grouss gëtt.

Eise Projet hëlleft géint Aarmut, Aarbechtslosegkeet, schlecht Educatioun, Mangel u Waasser, Hygiène, TB an HIV, Fetalen Alkoholsyndrom, Stéierungen an der Entwécklung unzegoen, andeems mir 2 Schoule (ECD) funktionéieren dinn: Bonne People a Kapteintjies. Déi klengste Kanner tëscht 1 ½ a 5 Joer kënnen an dës Schoule kommen a kréien do och gesond Moolzechten.

Am Schouljoer 2024 sinn am ECD an den 2 Schoulen 257 Kanner ageschriwwen.





Zesumme mam SNJ sinn awer och 5 Volontären aus Lëtzebuerg fir 6-8 Méint op der Plaz. Si hëllefen an de Schoulen, Kichen, Sport a Spiller. An nächste NORIICHTEN kréien si d'Wuert fir iech iwver esou en intressanten a léierreiche Volontariat ze verzielen.

Mir hate 14 Méint, bis Ënn Februar 2024 eng Coopérante um Projet, fir méi an Déift ze analyséieren, wat kéint besser fonktionéieren. Waat an der Gestiou an Organisatioun verbessert kéint ginn. Op Partner-Organisatioun dosinn wou mir zesumme kéinte schaffen. Op wichteg Posten nei besat sollte ginn. Aus dësem Grond war eng « Visite de Suivi » dest Joer am Februar, wou President a Vice-President vum 8-17 Februar 2024 zu Bonnievale waren. Wat op esou enger Visite geschafft gëtt, kenn Dir hei no liesen:

- RV de 7.02. 16:00 um Belval (Zuch), fir vunn do mam Auto op Bréissel Zaventem ze fueren. Vunn hei aus mat Ethiopien Airways, mat Fligerwiessel zu Adis Ababa, op Kapstadt (14:30 lokal Zäit). Lokatiouns-Auto an direkt weider 196km op Bonnievale. Ukommen 18 Auer op der Farm Merwenstein. Reunioun mat der Coopérante Stéphanie.
- Déi next Deeg ware Meetinge mat der Leedung: Michelle an Tjaart vun de Bonnie People; Braai-Lunch mam ganze Staff vu béide Schoulen; mat de Volontäre vu Lëtzebuerg; mat Dan Vincent vu Bonnievale wou proposéiert ass als ideal Persoun fir Leedung an nei Projeten.



- Um Méindeg geet et zesummen am Minibus op Constantia (215km) well hei de Sëtz ass vu "Spirit Education Foundation", déi sech interesséieren fir eng Partnerschaft am ECD mat BPP anzegoen, zousätzlech zu weideren Entwécklungspläng wou si fir Bonnievale hätten. Gudde Verlaf vun der Reunioun, wou mir awer nach e puer Wochen op méi Detailler fir eng Cooperatioun warden.
- Besuch an der Jakes Gerwel Technescher Schoul; der Direktioun vun der ONG Bonnievale 418; Wueren ofhuelen bei „eiser Néiesch“ Nikki.



- E konkrete Meeting mam Daniel weist äis d'Méiglechkeeten op, wa mir hien zu 50% astellen. Mir decidéieren fir den Daniel op déi nächst Meetinge mat ze huelen: beim Burgermeeschter vun der Groussgeméng Langeberg wou Bonnievale derbäi ass, Här Schalk van Eeden. Dësen huet zemoos gelueft datt Bonnievale Projects zanter 21 Joer a sénger Geméng aktiv ass a bis dohinn iwver 1,6 Mio Euro un Entwécklungszesummenaarbecht am Schoulesche Beräich gelescht hunn. Aaner Organisatiounen hunn et op 3-4 Joer gepackt, awer et wier flott dës Partnerschaft ze behalen an auszebauen. Mir sinn vum Mayor méi iwver hiër ganz grouss Suergen betreff der Jugend gewuer ginn, wou zevill jonk Mamme Kanner kréien, wou d'Jugend vill an Drogen an Alkohol hängt well et keng adequat Op-

fangstrukture ginn. Eiser Propositioun e Jugend-Centrum opzebauen fir d'Jugend vun der Strooss ze huelen, fir hinnen de freien Zougang zu Assistant(e)s Sociales zeginn, Hëllef bei Opklärung a Schoulproblemen ze vermëttelen, Computer-Recherche un ze bidden, asw begréisst hien a mir kennen dermat rechnen Land no beim aktuelle Projet ze kréien fir dëse Projet opzebauen.

→ Jee, mir hate Programm vu moies bis owes. Duerfir ware mir och do. Ofgeschloss hu mir äis Visite um Wee fir zeréck op de Flughafen mat enger Nuecht zu Franschoek beim Mark Heistein an der "Cape Winelands Biosphere", well mat hinnen Ausfluch fir d'Jugend organiséiert ginn, a well och de Staater Athénée hei Projeten mecht.

Fränz Faber



→ Eis Meetinge sinn weidergaang mat engem weidere Conseiller, den äis och Land ugebued huet fir ëppes fir d'Jugend ze maachen ... leider e besser ze wäit vum aktuelle Projet ewech. Awer hei kéint e "Community Garden, mat Park a Weier" oder äänlech beschwat ginn.

→ Den Treff mat der Leederin vu "Community Keepers" war interessant, well déi en Ofkommes mat den 11 Schoulen am Ëmland hunn fir Kanner mat Problemen an Traumen opzefänken duerch hiir Assistant(e)s Sociales, a well si weider 7 Fraen vu Bonnievale ee Joer laang praxis orientéiert trainéieren fir "Hëllef-Social Worker" zeginn. Leider schafft CK nach net um Niveau vun de kléngste Kanner, dem ECD, awer si sinn oppen fir déi Iddi weider ze diskutéieren.



→ Wichtig Gespréicher ware mam aktuelle Comité vum Partner "Bonnie People"; mam Ex-President vum Comité; mat dem leedenden Team vum Projet; mat de Proprietären wou d'lëtzebuerger Volontaire wunnen; mir waren d'Schoul vunn de Kapteintjies besichen. Hei huet d'Cheffin iwwer béid Schoulen, d'Megan, äis Asiicht an déi nei Schoul-Programmer an och soss intressant Ablécker an den Alldag an d'Problemer ginn. Ëmmer nees hu mir den Daniel agebonne fir sécher zeginn, datt hien déi richtig Persoun donidden ass. De Mann huet bei all Meeting déi richtig Froë gestallt. Mir sinn zefridden.



# Buergbrennen mat Fakelzuch am Préizerdaul

Och dëst Joer ass déi schéin Traditioun vum Buergbrennen vun der Amicale Pompjeeën Préizerdaul weidergefouert ginn. Trotz dem reenerige Wieder waren vill Kanner mat hiren Elteren komm fir um Fakelzuch derbêi ze sinn. Et waren och si déi d'Buerg mat vill Begeeschterung konnten ufänken.

Bei Gegrilltem, enger gudder Goulaschzopp a Gedrénks am Pompjeesbau huet d'Buergbrennen 2024 e flotten Ofschloss fonnt.





**Dëschtennis**, ee Sport fir jiddereen. Als séierste Sport ënnert de Réckschlagsportarten, kann de Ball beim Spill iwver 180km/h errechen (Op d'mannst bei de Profien). Et ass ee Sport, deen een individuell mee och als Equipe ka spillen, kompetitiv wéi och "just for fun". Perfekt fir ofzeschalten an trotzdeem d'Gehier beschäftegt. Sport den niewent Schnelllegkeet a Ausdauer och Hand-Aan-Koordinatioun a Reflexer férdert.



## HUES OCH DU LOSCHT OP DËSCHTENNIS? Komm op den Training:



**Jugend:** Ab 7 Joer kann ee bei eis matspillen. Mam Bogdan Singeorzan (Nr.38 zu Lëtzebuerg) hu mer ee qualifizierten Trainer a diplomierten Educateur als Haapttrainer. Ënnerstëtzt gëtt de Bogdan ëmmer vum Gil oder Kim Schroeder, déi selwer bei eis am Veräin ugefaang hu mat spillen. **Trainerer sinn Méindes vu 17h30 bis 19h00 a Donneschdes vu 17h30 bis 19h00 an der Sportshal am Préizerdaul.**

**Senior:** Ob ee scho gespillt huet oder net, jiddereen ass bei eis Wëllkomm, dräimol d'Woch hu mer Seniorstraining wou all Niveauen zesummen trainéieren. An der Woch ginn dës Trainerer vum Bogdan gehal a Samschdes vum Zlatko Rajcic (Nr.20 zu Lëtzebuerg). **Trainerer si Méindes vun 19h00 bis 21h00, Donneschdes vun 19h00 bis 21h00 a Samschdes vun 10h00 bis 12h00 an der Sportshal am Préizerdaul.**



Fir weiderFroe maach gären eng Mail op den [dt.preizerdaul@gmail.com](mailto:dt.preizerdaul@gmail.com) oder komm einfach op engem vun eisen Trainerer laanscht.

Envie de jouer du tennis de table? Viens à l'entraînement:

Jeunes à partir de 7 ans: lundi et jeudi de 17h30 à 19h00

Seniors: lundi et jeudi de 19h00 à 21h00 et samedi de 10h00 à 12h00

En cas de questions contactez nous par mail:

[dt.preizerdaul@gmail.com](mailto:dt.preizerdaul@gmail.com)



**SAVE THE DATE**

Freides Owes den 26ten Abrëll:  
Spargelsowend



[dtpreizerdaul](https://www.instagram.com/dtpreizerdaul)



[D.T. Préizerdaul](https://www.facebook.com/D.T.Preizerdaul)



[@DTPreizerdaul](https://www.youtube.com/@DTPreizerdaul)



[dt.preizerdaul@gmail.com](mailto:dt.preizerdaul@gmail.com)

# No 10 Joer ee klengt Experiment...

2013 huet d'Schimmelkëscht d'Liicht vun der Welt entdeckt. Während deenen 10 Joer si mir Joer fir Joer ëmmer nees den Challenge agaange fir een traditionellen Duerftheater op d'Bün vum Festsaul ze bréngen. Hei hu mer dann och mol méi aussergewöhnlech Stécker rausgesicht an hunn eis een Dag an der Hell méi genau ugekuckt (Numm vum Stéck, Joer).

Fir den 10 järege Jubiläum hu mir eis et dann awer net huele gelooss fir eis „Comfort Zone“ ze verloossen an eppes Neies auszuprobéieren. Mir wollte Cabaret probéieren. Mir wollten ee méi fräie Kader hu fir ze spillen an och jidderengem déi Méiglechkeet ginn sech op déi verschiddensten Aart a Weisen ze verwierklechen. Dëst ass beim Cabaret eng super Méiglechkeet. Et kann ee während engem Owend méi wéi eng Roll verkierperen an zudeem léisst déi minimalistesch Bün engem immens vill Spillraum.



Duerch dat Konzept konnte mir dëst Joer och mat 16 verschiddenen Acteuren op der Bün, de Leit verschiddenst Situatiounen aus dem Alldag vu jidderengem virspillen. Beim Duerftheater ass een oft méi ageschränkt wat d'Unzuel vun den Akteuren ugeet. Déi 16 Leit waren dann och vill Acteuren, déi an der Geschicht vun der Schimmelkëscht well op der Bün stoungen, awer och puer Neier. Mat Cabaret verbënnt een dann och oft politesche Cabaret, dëst war awer bei eis bewusst net de Fall. Et ware Sketcher déi den Alldag vun eiser Gesellschaft karikaturéiert hunn.

Wéi d'Iddi bis stoung, war eis awer och séier kloer, dat mir eis dat net ganz eleng zoutrauen. Mir sinn dunn zimlech séier op den Alain Adams gestouss, dee selwer Erfahrung am Beräich vum Theater, der Improvisatioun an och dem Cabaret huet. Hien huet eis den néidege Kader ginn, awer och immens Fräiheete fir ze probéieren. Donieft huet hie mat klenge Rotschléi de gewëssenen Extra an d'Sketcher bruecht, a soumat dozou bägedroe, datt eist klengt Experiment aus eiser Sicht gutt geklappt huet.

Wat mengt dir?  
Gidd eis Feedback a maacht mat bei eiser klenger Ëmfro:



Deemnächst steet awer och nees eppes bei eis um Programm. Den 13. Abrëll 2024 ass nees Discotisme am Préizerdau. Autisme Lëtzebuerg organiséiert eng Disco fir Leit mat enger Behënnerung. An deem Kader këmmert sech d'Dauler Schimmelkëscht traditionell ëm de Comptoir an ëm de Grill. Kommt roueg bis laanscht een drénken. Jiddereen ass wëllkomm.

Alles wat soss mat eisem Veräin ze dinn huet, fannt dir och hei.

Och eis scho gespillten Theaterowender:





# BULL'S DE BAL

## 27/04/2024

### OP DER FABRIK AM PRÉIZERDAUL

VVK 5 €  
OWK 8 €

MAM STEMMUNGSDUO



VUN 21:00 BIS 3 AUER

### PORTE-OUVERTE DEN 28/04/2024

### AB 10 AUER OP DER FABRIK UM PARKING

FIR IESSEN A GEDRENKS  
ASS BESCHTENS GESUERGT

STUDIO  
CREATION  
— by —  
T C



Tel. : (00352) 39 79 82  
8 rue de Kleinbettingen  
L-8436 Steinfort

Tel. : (00352) 26 48 01 91  
1 Rue du Verger  
L-2665 Luxembourg

Tel. : (00352) 26 81 06 20  
12 Rue de Boewange  
L-8707 Useldange



# Musikaleschen Highlight – de Galaconcert vun der Préizerdauler Musik

Nom groussen Erfolleg vum leschte Joer, stoung dëst Joer d'Preparatioun vum zweete Galaconcert fir eisen Dirigent Christophe Terver um Programm. Scho fréi am September hu mir ugefaange mat Prouwe fir eisen dësjärege Galaconcert an nodeems de Programm feststoung ass et sou richtig lassgaangen. Ufank Februar hate mir och eisen traditionelle Proufweekend op der Fabrik, wou mir samschdes a sonndes eenzel a Regëster mee och vill zesumme geprouft hunn.

E Samschdeg, den 9. Mäerz war et dann endlech souwäit, eise Galaconcert war ugesot! Zesumme mat deenen zwee Comitëen, dem Organisatiounscomité 175 Joer Préizerdauler Musik an dem reguläre Musikcomité gouf ee flotten Owend organiséiert, mat e puer Iwwerraschungen.

Duerch den Owend huet dëst Joer d'Laura Weis gekonnt gefouert a Stécker wéi „Mt. Everest“, „Pacific Dream“, „Prelude and Mazurka“ oder och „La Belle au bois dormant“ fachgerecht am Detail erkläert.

De Fernand Muller, President vum Organisatiounscomité 175 Joer Préizerdauler Musik, huet bei senger Ried de Werdgang vun der Préizerdauler Musik kuerz erkläert an op d'Besoneschheet vun dësem ronne Gebuertsdag opmierksam gemaach, mir kënnen nämlech mat Stolz soen, dass mir mat eng vun deenen eelste Musiken aus dem Land sinn.

Ee vun de groussen Highlights vum Owend war sécherlech déi gesanglech Performance vum Patricia Hilger bei de Stécker „Feeling Good“ oder och „Sway“, mee domat net genuch! Een zweeten Highlight war sécherlech d'Uropfëierung vum „one seven five“, deen eisen Dirigent eis zu Éiere geschriwwen huet, dëst am Kader vun eisem 175 Anniversaire.

Een drëtten Highlight huet eis alleguer gefreet: et ass eis gelonge gläich 3 weider Dirigente mat u Bord ze huelen, hei sinn natierlech keng aner Dirigenten a Fro komm, wéi eis fréier Dirigenten, sou hunn de Patrick Coljon, de Fernand Muller an den Dominique Fonck eis déi grouss Éier erweisen an hunn nach eng Kéier virum Orchester den Taktstaf geschwongen.





Zum Ofschloss vun engem gelungenen Owend, huet de Franz Hilger e puer Mercie verdeelt: all de Musikante fir hiert Engagement, dem Laura fir d'Moderatioun, dem Marc Calmes an dem Guy Strotz fir hir Bünendekoratioun an alle Sponsoren, déi dozou bäigedroen hunn, dass mir dësen Owend konnten esou gestalten. A wéi soll et anescht sinn, wee Gebuertsdag feiert deen invitéiert och op ee Stéck Kuch. Als kréinenden Ofschloss hate mir nach RadioStation als After-Band organiséiert a sou konnte mir eise ronne Gebuertsdag gebürend feieren!

An domat hu mir eise Galaconcert 2024 ofgeschloss, mee notéiert lech alt scho mol den Datum vum 10. Mee an Äre Kalenner, mir sinn nämlech nach laang net fäerdeg mat feieren!



# Préizerdaul (Bettborn)

## 10. Criterium Néckel KOOB



Samedi

6

Juillet 2024

### Roadbook

- EXPERT
- TOURING

Kaffi's Buffet  
Mëttaggiessen  
Owesiessen

[www.cnk.lu](http://www.cnk.lu)



# Préizerdauler Line dancers

**De Syndicat d'Initiative Préizerdaul huet viru 5 Joer eng Equipe vu Line dancers an d'Liewe geruff, a säitdeem ass d'Zuel vun de Participle stänneg geklomm.**



## Wat ass Line dance?

Line dance ass eng Danzform, déi a Reien a Linne gedantz gëtt, eleng ouni Partner (obwuel et och Partner Line dance gëtt).

Schrëtter wéi Shuffle, Monterey, Coaster step, Grapevine a.s.w. ginn no enger bestëmmter Zuel vun Takten "Counts" gedantz, dacks gëtt och d'Richtung geännert. Eng Choreographie gëtt astudéiert, op déi da synchron op Musik gedantz gëtt, ofhängeg vum Schwieregkeetsgrad vun der Choreographie kann d'Zuel vun de Schrëtter vun 32 bis iwwer 80 variéieren.

Et geet een dovun aus, dass den Ursprung vun dësem Danz aus dem europäesche Folklor kënnt. Awanderer hunn dës Dänz an Amerika „importéiert“, an Enn vum 19. Joerhonnert hu Cowboyen se iwwerholl. Doraus ass dunn de "Country line dance" entstan. An Zwëschenzäit ka Line dance an allen Danzstyles gedantz ginn.

Line dance ass fir all Alter a Geschlecht, onofhängeg vu kierperlecher Fitness. Et brauch ee just e bëssche Gefill fir Rhythmus a Spaass un der Musik ze hunn, a scho geet et lass. Danzen ass souwiesou de beschten Training fir d'Gediechtnes, et steigert d'Koordinatioun an d'Ausdauer, et férdert d'Beweeglechkeet a verbessert den Häerz-Kreeslaf. Och de sozialen Aspekt vu Line dance ass net ze ënnerschätzen: et gëtt engem e Gefill vu Gemeinschaft, et mécht een nei Bekanntschaften, an dofir ass d'Danzen och gutt fir Depressiounen virzebeugen.

Also déi ideal Medezin fir all Alter, an et mécht dobäi och nach immens Spaass.

## D'Préizerdauler Equipe

Mir sinn immens houfreg dass mer d'Daggy Ries, dat hei zu Lëtzebuerg scho laang als Dänzerin aktiv ass, als eise Coach konnten engagéieren.

Et ass och üblech, dass mer e puer Mol d'Joer bei aner Clibb, och alt an d'Ausland, op hier Line dance Partye ginn, wou mer zesumme mat frieme Leit déi astudéiert Dänz kënnen tanzen. E bëssche stolz si mer och, dass mer 2023 zu Schëffleng, ënnert der Leedung vum Daggy, mat Dänzer vum Jongënster Club den éischte Präis bei engem Concours gewonnen hunn. Allerdéngs sinn d'Optrëtter an d'Ausfluch bei aner Clibb nëmmen op fräiwëlleger Basis, et ass also keng Mussesaach fir do am Club mat ze tanzen.

**Mir bidden all Mëttwoch Owes, ausser an de Vakanzen, Cours vun 18:30 bis 21:30 un.**

Responsabel vum Line dance Préizerdaul sinn: Danielle Ney a Jessy Scheffen.  
Fir weider Infoen zéckt net a mellt Iech um 621 360 719 oder 661 150 779



POLICE

113  
NOUTRUFF

**LÉIF BOMA, LÉIWE BOPA,  
LOOSST IECH NET BEDUCKSEN!**



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Famille, de l'Intégration  
et à la Crance Régior

**ZESUMME FIR IECH**  
POLICE.LU

**POLICE**  
LËTZEBUERG 

Ces dernières années, les arnaques et tromperies sont devenues de plus en plus fréquentes. Et les escrocs ne cessent d'inventer de nouvelles combines pour soutirer de l'argent à leurs victimes. Ne vous laissez pas duper !

## ARNAQUES EN LIGNE OU PAR TÉLÉPHONE

- Vous avez reçu un message non-sollicité vous demandant de partager vos données bancaires ?
- Un appel d'une personne qui prétend faire partie de votre famille, qui serait en détresse et aurait rapidement besoin d'argent ?
- Vous avez vu une offre extrêmement lucrative pour acheter un produit sur les réseaux sociaux, ou une personne vous a contacté via un tel réseau pour vous faire participer à un investissement d'argent ?



## MÉFIEZ-VOUS!

- Si une personne vous demande avec insistance de lui fournir de l'argent, des objets de valeur ou une caution, ne lui cédez pas.
- Ne partagez jamais des informations personnelles ou bancaires lorsqu'une personne vous les a demandées par courriel, SMS ou via un autre service de messagerie.
- Ne cliquez jamais sur un lien qu'une personne inconnue vous a envoyé.
- Si vous avez un doute quant à l'origine d'un message, contactez la banque, l'entreprise ou l'administration en question pour vérifier s'il s'agit bien d'un message authentique.



**Si vous avez été victime d'une arnaque, contactez au plus vite la Police afin que les démarches nécessaires puissent être entamées.**

# Street-Festival

## ART MEETS ENERGY

**SONNDEG, DE 14 JULI 2024**

**vun 11:00 bis 18:00 Auer  
zu Rëmmerig am Präizerdaul**

### LIEWEGE KREATIVMAART

- En Hobbymaart wou all Aussteller säin Hobby virféiert
- Flott Workshops fir Grouss a Kleng
- Ausstellung a Virféierung

### ERNEIERBAR ENERGIE : haut investéieren, muer profitéieren

- Ausstellung zum Thema Energie
- Produktioun vun nohalteger Energie  
(Sonn, Wand, Waasser, Biomass...)
- Energieberodung



DAULER ATELIER asbl



Organiséiert vun:  
**Dauler Atelier asbl**  
an

**Hobbykënschtler Lëtzebuerg asbl** [www.hobbykl.lu](http://www.hobbykl.lu)  
mat der Ënnerstëtzung vun der **Gemeng Préizerdaul**



## GEMENG PRÉIZERDAUL

3, rue de la mairie  
L-8606 BETTBORN  
Tél. : 266 299 100  
secretariat@preizerdaul.lu  
www.preizerdaul.lu

## COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Entrevue sur rendez-vous,  
contactez le secrétariat  
Tél. : 266 299 110

**GERGEN Marc**  
Bourgmestre  
GSM : 691 65 49 47  
mgergen@pt.lu

**REHLINGER Marc**  
Échevin  
GSM : 621 27 45 70  
rehli@pt.lu

**MULLER Fernand**  
Échevin  
GSM : 691 84 45 18  
fern.gemeng@gmail.com

## SECRÉTARIAT COMMUNAL

Horaires :  
sur rendez-vous

**GEREKE Roger**  
Secrétaire communal  
Tél. : 266 299 110  
rgereke@preizerdaul.lu

**KRAUSE John**  
Rédacteur  
Tél. : 266 299 111  
jkrause@preizerdaul.lu

**HOFFMANN Arlette**  
Réception  
Tél. : 266 299 190  
ahoffmann@preizerdaul.lu

## RECETTE COMMUNALE

Horaires :  
lundi à vendredi : 08h00-12h00  
13h00-16h00

**KAUFMANN-ORIGER Astrid**  
Tél. : 266 299 120  
aoriger@preizerdaul.lu

## POPULATION / ETAT CIVIL

Horaires :  
lundi à vendredi : 08h00-12h00  
lundi et mercredi : 14h00-18h00

**RUPPERT-SCHREIBER Josée**  
Tél. : 266 299 140  
jruppert@preizerdaul.lu

## SERVICE TECHNIQUE

Horaires :  
sur rendez-vous

**NEY Théo**  
Tél. : 266 299 130  
GSM : 621 137 393  
theoney@preizerdaul.lu

**GUYOT Nicolas**  
Tél. : 266 299 150  
GSM : 691 141 500  
nguyot@preizerdaul.lu

**MARINHO Kevin**  
Tél. : 266 299 155  
GSM : 691 322 783  
kmarinho@preizerdaul.lu

## ATELIER COMMUNAL

Chefs ouvriers :  
**ORIGER Philippe**  
Tél. : 266 299 160  
atelier@preizerdaul.lu

**KLEER Christophe**  
Tél. : 266 299 160  
ckleer@preizerdaul.lu

## CENTRE CULTUREL „Op der Fabrik“

Horaires :  
sur rendez-vous

**VAN WISSEN Claude**  
Concierge  
GSM : 621 141 629  
portier@preizerdaul.lu

Réservation salles :  
Tél. : 266 299 120

## GARDE FORESTIER

**VAN RIJEN Mike**  
GSM : 621 202 199  
mike.van-rijen@anf.etat.lu

## SCHOUL PRÉIZERDAUL

**HUBER Nicole**  
Présidente  
GSM : 691 345 719  
nicole.huber@education.lu

## MAISON RELAIS

**ANTONY Patrick**  
Chargé de direction  
Tél. : 266 299 230  
pantony@preizerdaul.lu

# OUSCHTEREN

## am Préizerdaul 2024



[www.preizerdaul.lu](http://www.preizerdaul.lu)  
f Ouschteren am Préizerdaul

### » Samschdes 30.03.2024

- › Ouschterparty am Zelt  
Bal vum CDJ ab 21 Auer mam  
DJ Mansaari & Dj Deefreshfingaz

### » Sonndes 31.03.2024

- › Konschtausstellung op der Fabrik
- › 16:00-21:00: Thé Dansant mat Baggi Ni Doheem

### » Méindes 01.04.2024

- › Konschtausstellung op der Fabrik
- › Groussen Ouschtermaart
- › Kiermesbuden
- › Concerten am gehéizten Zelt:
  - 11:30-12:30: Philharmonie Préizerdaul
  - 14:00-15:00: Harmonie Grand-Ducale Orania Colmar-Berg
  - 16:00-18:00: Northern Big Band

